## COUPE SCOLAIRE 2022

## MESSAGE WÉINST DEM MATMAACHEN BEI DER COUPE SCOLAIRE

**Dëst Joer fënnt d'Coupe Scolaire de 7. Juni zu Conter statt.**

D'Organisatioun an d'Sécherheet vum Start a vun der Arrivée, grad esou wéi d'Kontrollposten erfuerderen d'Mathëllef vu ville Leit. Mir hunn évaluéiert, dass mir, fir en optimalen Encadrement, 30 Elteren, Grousselteren, Frënn,,… brauchen.
Mir brauchen de 7. Juni vun 8:30 (briefing) bis 12:00 Är Hëllef. De Rendezvous ass um 08 :30 um Parking vum Schoulcampus um Ewent

Mir zielen op Är Hëllef.

Fir déi Leit, déi den Dag vun der Coupe Scolaire disponibel sinn, organiséiere mir fir den 31. Mee eng Visite guidée vum Circuit fir d'Schwieregkeete vun der Streck kennen ze léieren. De Rendezvous heifir ass den 31.Mee um 19:00 um Parking vum Schoulcampus Um Ewent.

Wann Dir eis kënnt de 7. Juni moies hëllefen fir ze garantéieren, dass mir d'Coupe Scolaire kënnen realiséieren an de Succès vun dësem pedagogesche Projet ze garantéieren, deelt w.e.g. bis den 20. Mee folgend Informatiounen un d'Madamm Cindy Reiffers (Cindy.Reiffers@contern.lu, 35 02 61 327) mat:

Ären NUMM a VIRNUMM
Är E-MAIL-ADRESS
Är HANDYSNUMMER
Deelt eis och w.e.g. mat, ob Dir, niewent Ärer Presenz de 7.Juni, och den 31.Mee matgitt fir den Tour ofzetreppelen.

Mir soen Iech villmools Merci am Viraus,
Mat beschte Gréiss,

De Schäfferot a Kooperatioun mat der Équipe pédagogique vum Cycle 4